DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 1. Mäerz 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou eweí den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden:

« Den Här Minister huet rezent eng Rei Ännerungen um Code de la route presentéiert, dorënner déi, dass an Zukunft Luuchten um Vëlo, déi blénken, net méi erlaabt wäerte sinn. Fir vill Vëlosfuerer bitt sou eng Luucht awer eng wichteg zousätzlech Sécherheet, well doduerch hir Visibilitéit am Stroosseverkéier däitlech eropgeet, zemol bei schlechte Luucht- a Wiederverhältnisser.

Aus deem Grond wollte mir dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte folgend Froe stellen :

- *Wat sinn d'Argumenter hannert dëser Decisioun ?*

- *Op wéi engen Etüde respektiv empireschen Donneeë baséiert sech den Här Minister bei senger Decisioun ?*

- *Sinn d'Interesseverbänn vun de Vëlosfuerer bei dëser Decisioun gefrot ginn ? »*

Mat héifleche Gréiss,

Max Hahn
Députéierten

André Bauler
Députéierten